



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2021

Här President,

esou wéi den Artikel 84 vum Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Premier- a Medieminister weiderzeleeden.

E ganz rezente Virfall verlaangt dréngend eng Oplklärung, well d'Glawierdegkeet vun RTL a vun der Regierung hirer Kommunikatioun an hirem Handeln a Fro stoe kéint. Den 22.6.2021 war de Lëtzebuerger Bausseminister nämlech op der RTL Tëlee zu Gaascht am Journal. Hei huet hien, ënner anerem, op dat neit ungarescht Gesetz reagéiert, dat am ungaresche Parlament mat enger 2/3 Majoritéit ugeholl gouf. Dëst Gesetz gesäit vir, datt d'Oplklärungsaarbecht iwwer sexuell Orientéierung eleng den Eltere virbehale bleift bis d'Kand 18 Joer al ass.

An deem Kontext huet d'Moderatorin vum RTL Journal d'rezent Affär mat der Münchener Allianz Arena ugeschwat. D'Staat München wollt dës de selwechten Owend fir de Fussball EM Match Däitschland-Ungarn an de Reeboufuerwe liichte loossen. D'UEFA huet sech awer dogéint entscheet mat der Begrënnung, datt Politik a Sport net solle vermëscht ginn. Dofir wéilte si dee politesche Statement mat der Beliichtung an de Reeboufuerwen net ënnerstëtzen, heescht et vun hirer Säit.

De Lëtzebuerger Bausseminister ass der Meenung, datt d'UEFA dat hätt sollen erlaben an huet dëst, op Nofro vun der Moderatorin, folgendermoossen ausgedréckt:

„Jo, d'UEFA ass héchstwarscheinlech e Veräin vun alen, wäisse Männer, dat sinn déi nämmelecht, déi fir de Brexit gestëmmt hunn an déi fir den Här Trump gestëmmt hunn ...”

D'Emissioun vum RTL Journal ass de besoten Dag esou a senger Vollstännegkeet ausgestraalt ginn. Wann een d'Emissioun elo um Internetsite vun RTL am Replay opriff, ass deen Deel vum Interview, wou de Bausseminister op déi lescht Fro vun der Moderatorin äntwert a sech dobäi, ewéi uewen zitéiert, äussert, einfach aus dem Interview erausgeschnidde ginn, esou wéi wann d'Fro ni gestallt gi wier an den Här Bausseminister och net mat deene Wieder geäntwert hätt.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Ass d'Regierung hei intervenéiert, fir datt dësen Deel aus dem Interview bei RTL soll erausgeschnidde ginn? Wa jo, firwat a mat wat fir engem Recht?
2. Wéi beurteilt d'Regierung dem Här Bausseminister seng Wuertwiel hei?

3. Ass d'Regierung solidaresch mat den Aussoe vum Lëtzebuenger Bausseminister? Consideréiert d'Regierung d'UEFA och als „Veräin vun alen, wäisse Männer“, wat fir eng déi nämmelecht sinn ewéi déi, „déi fir de Brexit gestëmmt hunn an déi fir den Här Trump gestëmmt hunn“?
4. Ass d'Regierung der Meenung, datt déi uewen zitéiert Ausso vum Här Bausseminister diskriminéierend a rassistesch ass - diskriminéierend géintiwuer eelere Matmënschen, diskriminéierend géintiwuer Männer a rassistesch géintiwuer Matmënsche mat wäisser Hautfuerf? Wann nee, firwat net? Wa jo, wéi kann d'Lëtzebuenger Regierung dës Wieder vum Här Bausseminister akzeptéieren a misst dës Äusserung net awer Konsequenze fir den Här Bausseminister hunn?
5. Ass d'Regierung der Meenung, datt et opportun ass, datt e Regierungsmember d'Leit, déi fir de Brexit gestëmmt hunn an och d'Leit, déi fir den Här Trump gestëmmt hunn, an dësem Kontext erwäant an domat eng Stigmatiséierung, Associatiounen an eng Vermëschung vun ënnerschiddleche Sujete provozéiert?
6. Ass d'Regierung der Meenung, datt et opportun ass, wann e Regierungsmember déi genannte Leit kritiséiert a stigmatiséiert fir hir politesch Ausriichtung a Meenung, déi si, no hirem Recht, an enger demokratescher Ofstëmmung a Presidentschaftswal zum Ausdrock bruecht hunn? Beurteelt d'Regierung dës Haltung vum Lëtzebuenger Bausseminister als demokratesch? Wa jo, mat wat fir enger Begrënnung?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten